n° 3281

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 10. Dezember 2020

REÇU
Par Alff Christian , 17:11, 10/12/2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro zur Muselschëfffahrt un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weider ze leeden.

Am Ufank vun der COVID-Pandemie war a Frankräich e Réckgang vum Wuerentransport um Waasserwee vu ronn 40% ze verzeechnen. Et schéngt wéi wann momentan och manner Transportschëffer op der Musel ënnerwee wieren.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte stellen:

- Wéi ass d'Entwécklung vum Tonnage op der Musel dës Joer am Vergläich zu 2019?
- Ass e Réckgang an der Schëfffahrt a beim Wuerentransport op der Musel zënter dem Ufank vun de Beschränkungen duerch d'Pandemie ze verzeechnen?
- Wa jo, wat heescht dat fir d'lëtzebuerger Muselschleisen?
- Wéi eng Entwécklung gëtt et am Hafe vu Mäertert zënter Mëtt Mäerz 2020? Ass e grousse wirtschaftleche Schued duerch d'COVID-Pandemie entstanen?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Octavie Modert
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 28 DEC. 2020

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

REÇU
Par Alff Christian , 10:26, 28/12/2020

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°3281 du 10 décembre 2020 de l'honorable députée Madame Octavie Modert, concernant le transport fluvial sur la Moselle, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äntwert vum Minister François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, ob d'parlamentaresch Ufro N°3281 vum 10. Dezember 2020 vun der honorabelen Deputéiert Octavie Modert zum Sujet "Transport fluvial sur la Moselle"**

An senger parlamentarescher Ufro freet di honorabel Deputéiert Informatiounen iwwert d'Entwécklung vum Wuerentransport op der Musel an am Hafe vu Mäertert.

**Ad. 1.**

Zu der éischter Fro vun der Entwécklung vum Giddertransport op der Musel an dësem Joer am Verglach mam leschten Joer ass ze soen dat vu Januar bis November 2019, 5.243.135 Tonnen Gidder duerch Schléis Grevenmacher transportéiert goufen an an dem nämmlechten Zäitraum 2020, 4.664.899 Tonnen, dat ass en Ënnerscheed vun - 578.236 Tonnen an deemno e Réckgang vun 11,03 % am Giddertransport.

Et ass ze bemierken dat deen Réckgang sech och deckt mat engem Réckgang vun 11% deen wärend dem éischten Semester 2020 op dem Rhäin festgestallt gouf.

**Ad. 2.** Et ass och e Réckgang am Opkommes vun den Schëffer wärend der Periode vun der Pandemie, ab Mäerz 2020, ze verzeechnen deen sech wie follegt an de verschiddenen Kategorien vun Schëffer duerstellt:

| Zäitraum | Kategorie | 2019 | 2020 | Differenz |
|---|---|---|---|---|
| Mäerz - November | Persounenschëff | 214 | 137 | - 35,98 % |
| Mäerz - November | Sportboot | 810 | 286 | - 64,69 % |
| Mäerz - November | Tankschëff | 67 | 70 | + 4,48% |
| Mäerz - November | Gidderschëff | 3.422 | 3.191 | - 6,75 % |

Et ass kloer dat d'Pandemie en Impakt op den Wuerentransport an op den Persounentransport hat.

Esou ass europawäit ze konstatéieren dat besonnesch d'"Trockengüterfahrt" gelidden huet wat sech domat erklärt dat verschidden Industriezweiger ewéi den Beräich „Automobilindustrie" zäitweileg net operationell war an domat den Transport vun Stol an Äerzer erofgaangen ass. Bei den Tankschëffer, di Pëtrol oder aner flësseg Gidder transportéieren, ass awer den befierchten Abroch net ze constatéieren.

Doriwwer eraus ass ze bemierken dat vill aner Faktoren sech op den Volume vum Wuerentransport op der Waasserstrooss auswierken, a besonnesch d'Perioden vum Niddregwaasser um Rhäin di definéieren wei vill d'Schëffer ofluedеn kennen. Och gouf d'Schefffahrtssspär dëst Joer coronabedengt an de September verréckelt, esou dat am Mount September vergläichsweis wéineg Wueren duerch d'Schleisen op der Musel transportéiert goufen.

Wat den Persounentransport ugeet, esou sinn di grouss Réckgäng (- 35,98 % am Joer 2020 par Rapport zu 2019 fir Persounenscheffer an -64,69 % fir Sportsbooter) direkt op d'Beschränkungen (Ausgangsbeschränkungen, Quarantainereegelen, zouen Grenzen etc. ...) vun den verschiddenen Länner am Grenzberäich vun der Musel an an der BENELUX zeréckzeféieren.

Et geet aus enger Etüd vun der Zentralkommissioun vum Rhäin ervir dat a Frankräich mat enger Reduktioun vum Chiffre d'Affaires an der Passagéierschëff vun 220 Milliounen Euro an den éischten 8 Méint vun 2020 gerechent gëtt an an Däitschland, fir den éischten Semester 2020, mat eng Perte vun 142 Milliounen Euro. An deem Beräich ass och d'Aussicht fir Zukunft nach net kloer an et gëtt weiderhin mat groussen Aboussen fir den Secteur gerechent.

**Ad. 3.** Dank dem onermiddleche Asaz vum Personal an den Mesuren di geholl goufen fir den physeschen Kontakt op e Minimum ze reduzéieren konnt de Betrib vun de Schleisen Grevenmacher a Stadtbredimus bis elo 24/24 Stonnen an 7/7 Deeg garantéiert ginn.

**Ad. 4.**

Wat d'Entwécklung am Hafe vu Mertert ugeet, esou ass de Gesammtëmschlag an Tonnen während den éischten 11 Méint vun dësem Joer am Verglach mat därselwechter Period vun 2019 ëm 4,91% zeréckgaangen. Dobäi sinn déi eenzel Produktgruppen ënnerschiddlech betraff. Esou ass zum Beispill den Export vu fäerdege Stolprodukter ëm 5,62% zréckgaangen an den Import vu Schrott fir d'Stolindustrie ëm 26,89%. An därselwechter Zäit ass dem Import vun Uelegprodukter ëm 13,49% zeréckgaangen.

Den Import vun Uelegprodukter op Lëtzebuerg geschitt momentan nach zum groussen Deel iwwert d'Strooss. E gréisseren Undeel iwwert de sécheren an ëmweltfrëndleche Waasserwee wär mat engem Ausbau vun den Installatiounen am Hafen zu Mertert méiglech.

Dank der Investitiouns- an Diversifikatiounspolitik, wéi zum Beispill vun 2015 un de Containerëmschlag, konnt de Schued agegrenzt ginn. Esou ass d'Unzuel vun de Containeren vum 7 622 op 10 889 ugewuess.